PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Verschidde Bierger ronderëm d'Land hunn an de leschten Deeg drop opmierksam gemaach, dass vill Zuuchtdéieren, déi op de Wisen stinn, keen Ënnerdaach hunn a wärend d'Spëtztentemperature vu bal 40°C am Schied an der praller Sonn stinn.

Den Artikel 4 Punkt 3 vum Déiereschutzgesetz gesäit vir, dass jiddereen, deen en Déier hält, dofir suerge muss, dass d'Temperature vum Déier u seng Aart adaptéiert muss sinn. Wa Kéi, Päerd a Geessen an der praller Mëttegsonn stinn, ass dës Konditioun mat grousser Wahrscheinlechkeet net méi erfëllt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Landwirtschaftsminister a Kenntnis dovunner, dass queesch duerch d'Land Déieren op de Felder an der praller Sonn stinn? Consideréiert de Minister dës als ee Verstouss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018?

2. Huet de Minister am Kontext vun der aktueller Hëtztwell iergendwellech Kontrolle vum Déiereschutzgesetz duerchgefouert? Falls nee, firwat consideréiert de Minister dass zu Lëtzebuerg all Déieren adequat virun den héijen Temperature geschützt sinn?

3. Verschidden Notzdéiere grasen op Grondstécker, déi Deel vun enger Zone Verte sinn. Kann d'Ministesch fir Ëmweltschutz confirméieren, dass an dem Fall d'Demanden, fir ee mobillen Iwwerdaach opzestellen, vum Ministère refuséiert ginn?
    - Falls jo, aus wéi enge Grënn?
    - Wäert d'Regierung heizou nach dëse Summer eppes ënnerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange